N°1445
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 1445 vum 30. Oktober 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

No Prospektiounen zu Holztem, op der Plaz Um Rank, an der Gemeng Parc Housen koum et tëschent 2020 an 2024 zu archeologesche Fouillen ënnert der Leedung vum INRA, dem Institut national de recherches archéologiques. Fir Vandalismus ze verhënneren, gouf bis dato net heizou kommunizéiert.

D'Fouillen hunn et erlaabt Vestigë vu spéitréimesche Strukturen ze fannen, engem sougenannte Burgus souwéi engem monetären Depot bestoend aus 141 réimesche Mënzen aus der 2. Hallschent vum 4. Joerhonnert, an engem numismatesche Wäert vun 308.600 Euro. Besonnesch aussergewéinlech sinn dräi Mënze mam Ofbild vum Usurpator Eugenius dee grad zwee Joer regéiert huet (392-394). Fir sécher ze stellen datt all Mënze konnten aus dem Buedem geholl ginn, hunn dës Fouillen och besonnesch vill Zäit an Usproch geholl.

Op de Mënze sinn Ofbiller vun 9 réimesche Keeseren déi tëschent 364 an 408 regéiert hunn. Dës Entdeckung ass aussergewéinlech fir eist Land a fir eist Verständnis vun der spéitréimescher Epoch an eiser Regioun an an Europa. De Staat huet dës aussergewéinlech Fondstécker och dowéinst ofkaf.

D'Opschaffe vun de Fouillen an de Fondstécker wäert nach eng Zäit daueren, mä wäert ganz bestëmmt onst Wëssen a Verständnis vum leschte Joerhonnert vum réimesche Räich am Weste weiderbréngen.

De Kulturministère schafft scho méi laang mam INRA un enger Strategie fir den archeologesche Patrimoine hei am Land besser ze valoriséieren an och Fondstécker dem Public kënnen ze weisen. D'Éislek wäert natierlech do mat agebonne gi fir déi kulturell Offer am Norden och an den nächste Joren z'erweideren. Éischt Iddie sollen am Laf vum nächste Joer virgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

De Kulturminister

(s.) Eric Thill